ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ekonomie an den Här Logementsminister weiderzeleeden.

Rezent huet eng Etude, déi ënnert dem Titel "*Land and the housing affordability crisis: landowner and developer strategies in Luxembourg's facilitative planning context*" publizéiert gouf, fir vill Diskussioun gesuergt, well se ënner anerem festgehalen huet, datt iwwer 50 Prozent vum Bauterrain hei am Land an der Hand vun 0,1 Prozent vun der Bevëlkerung konzentréiert wieren. Wann ee sech déi Etude duerchliest, stellt ee fest, datt hei ënner anerem mat fréieren Etude vum Observatoire de l'Habitat an Erhiewunge vum STATEC geschafft gouf.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi reagéiert si op d'Resultat vun dëser Etude?
2) Wéi beurteelt d'Regierung d'Belaaschtbarkeet vun dësen Zuelen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten